



ALTERNATIV DEMOKRATESCH  
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 26. Januar 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

Déi sougenannten FFP2-Mask ass eng vun den Otemschtz-Masken déi hei zu Lëtzebuerg, am Kader vun der sanitärer Kris, vu ville Leit am Alldag genotzt gëtt, déi huet awer, laut Robert Koch Institut, eng Rei Nodeeler. Grad wéi déi däitsch Bundesregierung beriff sech och d'Lëtzebuenger Regierung reegelméisseg op aktuell Donnéeë vum R.K.I.

Niewent de medezineschen OP-Maske soll d'Droe vun der FFP2-Mask, nom däitsche Bundesland Bayern, a ganz Däitschland Flicht ginn. Dat am öffentlechen Transport grad wéi an de Butteker. Dobäi ass et verwonnerlech datt de Robert Koch Institut, op senger Internetsäit dovunner ofréit fir d'FFP2-Mask am Alldag ze benotzen. Do heescht et, Zitat:

„In den Empfehlungen der BAuA und des ad-Hoc AK Covid-19 des ABAS, zum Einsatz von Schutzmasken im Zusammenhang mit SARS-CoV-2 **werden FFP2-Masken nicht zur privaten Nutzung empfohlen.**“

Bei engem reegelméissegem Asaz vun enger FFP2-Mask misst virdrun eng medezinesch Ënnersichung vum jeeweilege Benotzer gemaach ginn, dat fir gesondheetlech Risiken auszeschléissen déi duerch méi en héijen Otemwiderstand opriede kënnen. Dann ass et och esou datt des Zort Mask een nëmme schützt wann se richtig genotzt gëtt.

Zitat R.K.I.:

„Die Anwendung durch Laien, insbesondere durch Menschen, deren Immunsystem geschwächt ist, sollte grundsätzlich nur nach sorgfältiger Abwägung von potentielltem Nutzen und unerwünschten Wirkungen erfolgen. Sie sollte möglichst ärztlich begleitet werden, um über die Handhabung und Risiken aufzuklären.“

FFP2-Masken si virun der sanitärer Kris nëmmen am medezinesche Beräich agesat ginn.

Zitat R.K.I.:

**„Beim Einsatz von FFP2-Masken sind bei Personen mit z.B. eingeschränkter Lungenfunktion oder älteren Personen (...) gesundheitliche Auswirkungen nicht auszuschließen**

Den R.K.I. beréit déi däitsch Bundesregierung am Kader vun hiren Decisiounen an der Coronakris, am Dossier vun den FFP2-Maske schéngt et deemno wéi wa Politik a Wëssenschaft sech net ofgestëmmt hätten.

Dowéinst wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Denkt d'Regierung doriwwer no fir grad wéi an Däitschland eng FFP2-Masken-Flicht anzeféieren?
2. Am Fall wou d'FFP2-Mask obligatoresch gött, kréien d'Leit des gratis zur Dispositioun gestallt, änlech wéi z'Joert bei den OP-Masken?
3. Ginn d'Leit hei am Land iwver méiglech Niewewierkunge beim Droe vun dëser Mask informéiert?
4. Duerch de méi héijen Otemwiderstand kann d'Droe vun enger FFP2-Mask de Kierper staark belaaschten, esou datt e stonnelaangt Droe vun dëser Mask, ouni Paus, ganz schiedlech ka sinn. Hëlt d'Regierung dëse Risiko fir d'Gesondheet bewosst a Kaf?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen  
Deputéierten